N°463
Entrée le 13.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2024

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 13. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

„D'Tetanus-Impfung géint de sou genannte « Wund-Starrkrampf » ass eng Impfung, déi souwuel bei Kanner wéi bei Erwuessenen duerchgefouert gëtt. Si muss reegelméisseg widderholl gi fir wierksam ze sinn. Et gëtt etlech Fäll, wou dës Impfung awer net widderholl gëtt, well d'Leit sech net méi drun erënneren, keen Impfpass hunn oder et guer net méi wëssen.

Aus deem Grond wollt ech d'Madamm Gesondheetsministesch Follgendes froen:

- Féiert d'Santé Statistiken iwwer d'Zuel vun de Leit, déi an der Bevëlkerung géint Tetanus geimpft sinn? Wa jo, wéi héich ass dëse Prozentsaz an de verschiddenen Alterskategorien?
- Wéi vill Leit sinn an de leschten zéng Joer un Tetanus verscheet an a wéi engem Alter ?
- Plangt d'Santé fir d'Leit ze sensibiliséieren dës Impfung a reegelméissegen Ofstänn maachen ze loossen?
- Wéi vill elektronesch Impfcarneten (CVE) goufe bis haut aktivéiert?
- Wéi vill Dokteren notzen den Outil vum CVE, opgeschlësselt no Spezialisatioun?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten